

Roland Meyer: « Wenn immer alles so einfach wäre »

Donneschdes den 2. Mee 2019 invitéiert d'Ettelbrécker Bibliothék um 19.30 Auer op e literaresch-kulinareschen Owend am Restaurant El Brasero, 25 rue Guillaume zu Ettelbréck. De Roland Meyer liest aus sengem neie Roman « Wenn immer alles so einfach wäre », während der Liesung zerwéiert de Kichechef e gudden Menu.

Reservatioun am Restaurant um Telefon 26 81 30 84.

Info an der Bibliothék : 26 81 15 32

« Pützmunter-Lese-Show » mam Jean Pütz

Ass Naturwëssenschaft langweilig ? Nee !

Am Kader vum 10. Gebuertsdag invitéiert d'Ettelbrécker Bibliothék mëttwochs den 8. Mee um 19.30 Auer an de CAPE op Ettelbréck. De Jean Pütz, bekannt als Entertainer a Moderator, presentéiert a senger Show spannend a magesch Experimenten. Hien erzielt Anekdoten aus senger Biographie « Ich hab da mal was vorbereitet ».

E groussen Spaass fir d'ganz Famill !

Tarif : normal 15€ / jeunes 7,50€

Reservatioun : Billetterie CAPE : 2681 2681 / www.cape.lu

Jean Pütz kommt am 8. Mai 2019 nach Ettelbrück !

Anlässlich ihres 10. Geburtstags lädt die Ettelbrücker Bibliothek um 19.30 Uhr zur Pützmunter-Lese-Show ins CAPE ein.

Muss Naturwissenschaft immer trocken und langweilig sein? Keineswegs! In seiner berühmten „Pützmunter-Show“ präsentiert Kultmoderator Jean Pütz verblüffende und magische Experimente zum Staunen, Schmunzeln, Mit- und Nachmachen. Mit verständlichen Worten und Wortwitz wird ganz nebenbei die "Wissenschaft hinter der Wissenschaft" erklärt - eben typisch Jean Pütz.

Dabei lässt es sich der beliebte aus Remich stammende Wissenschaftsjournalist nicht nehmen, immer wieder Anekdoten und Lebensweisheiten aus seiner aktuellen Biografie „Ich hab da mal was vorbereitet“ zu erzählen.

Kann man mit Schall eine Kerze auspusten? Wie entsteht ein ungefährlicher Feuerball? Warum leuchtet ein Glühwürmchen? Was haben Götterspeise und Windeln gemeinsam? Was passiert wohl mit einem Schokokuss im Weltall?

Diese und viele weitere Geheimnisse aus der faszinierenden Welt der Wissenschaft lüftet die „Pützmunter-Lese-Show“. Ein großer Spaß für die ganze Familie !

Tarif : normal 15€ / jeunes 7,50€

Reservation : billetterie CAPE : 2681 2681 / www.cape.lu

CAPE - Centre des Arts Pluriels Ettelbruck

1 place Marie-Adélaïde

9063 ETTTELBRUCK

Dany Gales: « D'Geschicht vum klenge Fuuss deen e Buch wollt schreiwen »

Samschdes den 11. Mee um 15.00 Auer invitéiert d'Ettelbrécker Bibliothéik op eng flott Liesung fir Kanner mam Dany Gales an d'Bibliothéik.

E klenge Fuuss, dee gär Bicher gelies huet, wollt enges Daags selwer e Buch schreiwen. Wéi hie virum wäisse Blat souz, koom kee Wuert aus senger Fieder...

Kommt mam Fiisschen op eng musikalesch Sich no der Inspiratioun a loosst iech iwwerraschen ...

Fir de musikaleschen Deel suergen d'Anne Kaftan (Bassklarinet), de Franck Hemmerlé (Perkussioun) an de Georges Urwald (Piano).

Fir Kanner vu 4 Joer un / Fräien Entrée / Info an der Bibliothéik : 26 81 15 32

« Ronderëm d'Buch » eng Fotoausstellung vum Photo-Club Ettelbréck

Mëttwochs de 15. Mee invitéieren de Centre Hospitalier du Nord, de Photo-Club an d'Ettelbrécker Bibliothéik um 18.00 Auer op de Vernissage vun der Fotoausstellung « Ronderëm d'Buch » an der Entrée vun der Klinik.

D'Ausstellung ass vum 13. - 28. Mee am Centre Hospitalier du Nord a vum 3.- 24. Juni am Centre Pontalize ze gesinn.

Dem Jeekel op der Spur - Ettelbrécker a Waarker Soen

Am Kader vum 10. Gebuertsdag invitéiert d'Ettelbrécker Bibliothéik op e flotten Owend am Jeekelsbau zu Waarken. Freides de 17. Mee um 20.00 Auer erzielt d'Denise Nicolay-Mohnen vum Jeekel vu Waarken, vum Geessebock vum Lopert, vun de Wichtelmänner op der Haardt an op der Nuck, an nach vu villen aneren. Dat Ganzt gëtt musikalesch encadréiert vun de « Lompekréimer » mat Lëtzebuerger Lidder.

Fräien Entrée/ Info an der Bibliothéik : 26 81 15 32 /

Jeekelsbau 44, rue de Welscheid L-9090 WARKEN